N° 4752
Reçue le 26.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.07.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 26. Juli 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mengen Informatiounen no hu fënnef Schüler, déi nach ënnert der Obligation scolaire stinn, duerch d'Commission Nationale de l'Inclusion (wéi et och den Artikel 30 vum Gesetz iwwer d'Centre de compétences vum 20. Juli 2018 virgesäit) eng Decisioun fir eng Scolarisatioun am Ausland matgedeelt kritt. Trotz dëser Decisioun vun der CNI an trotz der acceptéierter Aschreiwung vun de Kanner an der Don-Bosco-Schoul zu Wiltingen a Rheinland-Pfalz refuséiert d'Schulaufsichtsbehörde vun Tréier, datt déi Kanner an dës Schoul dierfe goen. Mat dëser Entscheedung kréien déi fënnef lëtzebuergesch Kanner a Familljen all Méiglechkeet fir eng adequat Bildung ewech geholl. D'Rentrée a Rheinland-Pfalz ass den 30. August 2021 an et misst fir dës Kanner kuerzfristeg eng adequat Léisung op Säite vum Lëtzebuerger Educatiounsministère fonnt ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Huet den Här Minister scho Kontakt mat der rheinland-pfälzescher Ministerin fir Bildung opgeholl, fir déi Saach ze deblockéieren a fir de Wee fir des fënnef Kanner fräi ze maachen?
- Zanter Jore gi Kanner an d'Ausland fir eng Scolarisatioun transferéiert. Gëtt et dofir eng schrëftlech Kooperatioun mat Däitschland? Wann net, firwat gëtt et trotz bilaterale Gespréicher tëscht de lëtzebuergeschen an de rheinland-pfälzeschen Autoritéiten am Joer 2018 keng schrëftlech Vereenbarung?
- Firwat refuséiert d'Schulaufsichtsbehörde aus Rheinland-Pfalz dës fënnef Kanner, trotz engem mëndlechen Accord tëscht eisen zwee Länner an trotz enger Akzeptanz säitens dem Schulträger an der Institutioun vun Don Bosco, dës Kanner opzehuelen?
- Wat geschitt mat dëse Kanner, déi jo schonn defavoriséiert sinn an fir déi et leider och keng adäquat Scolarisatioun an eisem Land gëtt?
- Huet den Här Minister wëlles, hei um politesche Plang eppes Kuerzfristeges fir dës Mineuren an hir Familljen ze ënnerhuelen a si net hirem Schicksal ze iwwerloossen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4752 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Freides, den 23.7. 2021 sinn déi zoustänneg Servicer um Educatiounsministère vun der Commission nationale d'inclusion (CNI) dorop opmierksam gemaach ginn, datt et vun de rheinlandpfälzeschen Autoritéite wuel e Refus gëtt, fir fënnef Lëtzebuerger Schüler an der Don-Bosco-Schule Wiltingen unzehuelen. Dëst obschonn esouwuel deene betraffenen Eltere wéi och der CNI vun der Direktioun vun der concernéierter Schoul mëndlech wéi och schrëftlech eng Zouso fir eng Admissioun virlouch.

Et schéngt allerdéngs, wéi wann déi betraffe Schoul dës Zousoe ginn huet, ouni mat där heifir zoustänneger Instanz, der Aufsichts- und Dienstleistungsdirektion (ADD) vun Tréier, Récksprooch geholl ze hunn. De Grond fir de Refus vun der ADD ass e Mangel u Kapazitéiten um Niveau vum Personal a vun de Raimlechkeeten innerhalb vun der Don-Bosco-Schule Wiltingen en vue vun enger adequater Beschoulung entspriechend den däitsche Standarden.

Doropshin hunn déi zoustänneg Servicer vum Educatiounsministère direkt de Kontakt mat der ADD gesicht, an et war een sech séier eens, datt een hei misst eng Léisung am Intérêt vun deene betraffene Schüler an hire Famillje sichen.

Déi Lëtzebuerger Autoritéiten hunn de Kontakt zu de Famillje gesicht a gehalen, hinnen d'Situatioun erkläert an si rassuréiert, datt kee Schüler ouni eng adequat Offer géif bleiwen; sief et am In- oder awer am noen Ausland.

Déi rheinlandpfälzesch Autoritéiten hu sech beméit, fir alternativ Schoulen ze fannen, déi exakt déi selwecht Offer u spezialiséierter Beschoulung ("Schule mit den Förderschwerpunkten Lernen und Sprache") ubidden, an dat grad esou no wéi d'Don-Bosco-Schule zu Wiltingen.

Den 30.7. 2021 huet d'ADD dem Educatiounsministère eng Lëscht zoukomme gelooss mat 7 méigleche Plazen a 4 verschiddene spezialiséierte Schoulen zu Tréier, zu Schweich an ënnert anerem och eng Plaz zu Wiltingen. Dee selwechten Dag goufen d'Eltere vun de Mataarbechter vum Ministère doriwwer informéiert, datt si fir hiert Kand d'Optioun hunn, sech weiderhi fir eng Beschoulung an enger spezialiséierter Schoul an Däitschland oder awer fir eng Beschoulung zu Lëtzebuerg ze entscheeden.

Den 2.8. 2021 huet d'CNI opgrond vun de spezifesche Besoine vun deene verschiddene Schüler eng Verdeelung op déi verschidde Schoule virgeholl an den Elteren en entspriechende Courrier zoukomme gelooss mat der proposéierter Schoul.

Well et sech bei der Fro no der schoulescher Orientatioun vu Schüler mat spezifesche Besoinen ëmmer em eng héichgradeg individualiséiert Diskussioun a Propositioun handelt, gouf bis ewell op formaliséiert Ofkomme mat deene verschiddenen däitsche Bundesländer verzicht. Et gouf heifir och bis dato keng Demande, weeder vun däitscher nach vu lëtzebuergescher Säit. A konstruktive bilaterale Gespréicher ass nach ëmmer eng Léisung am Intérêt vun de Schüler fonnt ginn. Nawell si fir den Hierscht elo Gespréicher geplangt, dëst virun allem fir potentiell Mëssverständnisser ze vermeiden an dat géigesäitegt Verständnes ze fleegen.